Mäerz

# AAH NEWS 2009




**Action Avenir Haïti asbl**

41a Montée Willy Goergen

L - 7322 Steinsel

Tél.: 33 55 36

www.aah.lu

CCPL: LU81 1111 2342 0345 0000










# VIRWUERT

E puer Wuert vum President: Mir blécken op e finanziell ganz positivt Joer zeréck. Grouss Ënnerstëtzung krute mer vum Parverband Käl déi ee ganzt Joer fir eis gesammelt hunn. De Jorge an d' Annick hu sech bestuet, an och hei koum eng beträchtlech Zomm zesummen. Goblet Lavandier, ee Fuesbal vum ClubSenior, d'Krëschtfeier vun der Lëntgener Primärschoul an de Sponsored Run aus dem Neie Lycée hunn eis finanziell ënnert d'Äerm gegraff. Vum Internationale Bazar krute mir och ee Prozentsaz, sou wéi nach vill aner privat Donen; ech kann se leider net all opzielen. Eigentlech ass dësen Artikel jo geduecht fir Merci ze soen. Merci also net nëmmen deene Leit déi fir eis gesammelt hunn, mä och deene Leit Merci, déi dës Kontakter méiglech gemaach hunn.

Et ass och schéin ze gesinn, dass eis Zuel vu Parrainagen zougeholl huet. Fir mech déi eenzeg dauerhaft Léisung fir Kanner op Haiti ze hëllefen. Zu Lëtzebuerg ass d'Schoul gratis, de Stat bezilt, a mir schwätze vill vu Chancëgläichheet. Dovu kënne Mënschen op Haiti nëmmen dreemen. Iwwer 80% vun de Schoule berouen op enger Privatinitiativ an et gëtt keen ëffentleche Fong, deen d'Käschten iwwerhëlt.

Merci all eise Pätteren a Giedelen, déi sech bereet erklärt hunn, ee Bäitrag zur Chancëgläichheet ze leeschten.

Eise Shop huet dëst Joer och richteg zougeschloen, sou dass ee ka soen, dass de «Projet de Sensiblisation: Ayiti Egziste» seng Friichte gedroen huet. Vill nei Kontakter goufe geknëppt an elo bleift ze gesinn, wéi mer déi fir d' Zukunft an oder ausbaue kënnen.

Eng Zukunft, déi villverspriechend ausgesäit. De Kaf vum Schoulgebai ass definitiv an senger leschter Phase an Ëmbaue musse geplangt an duerchgefouert ginn. Op eiser Rees am November konnte mer en éischte Plang vum Terrain erstellen. Een Devis fir Aarbechten un enger Mauer an Toiletten ass erstallt. Ouschtere fueren d'Melanie, d'Danielle, den Aender de Jemp an de Max nach eemol dorower, a mir hoffen dann endlech och een Abléck, an deen ënneschte Stack vum Haus ze kréien.

Mat der Idee, ee kompletten Dossier unzeleeëën an domat déi néideg Fongen ze sammelen, gesinn ech fir d'Zukunft vun AAH Lëtzebuerg keng Langweil opkommen.

Ech freeë mech op ee weidert Joer mat der Équipe vum Komitee. Et gëtt vill ze organiséieren. Onsen traditionelle Brunch ass schonns den 29. Mäerz, den 12. Juli hu mer dann am Mëllerdall ee groussen Trëppeltour, an hoffen och dëst Joer eise Budget fir 2009 finanzéiert ze kréien.

Et bleift mer nach, all Memberen ze invitéieren un eisen Aktivitéiten deelzehuelen, oder wann se Zäit a Loscht hunn, eng Hand mat unzepaken.

**MERCI UN IECH ALL,**

Rob Theisen.

# REES OP HAITI

**GELANT**, et ass esou wäit. No zwee Joer rëm op Haiti. Eng gutt véirel Stonn huet de Pilot eis mat engem wonnerschéine Fluch ganz déif iwwert d'Insel verwinnt. Et konnt ee vun uewen eng gréng Insel beobachten, eng super Aussiicht op Buchten, kleng Haisercher déi mat schmuele Pied verbonnen, sech an den Hiwwele verdeelen. Mega Landschaft. Alles gesäit ausgeglach an natierlech aus. Keen Tourismus, keng Stroossen, wëll Natur, en onberéiert Paradis. Schéin ze kucken, awer wäit vum Paradis. Op dësen Hiwwele ploe sech d'Bauere fir de Buedem unzehalen, op deene klengen Tröppelpied musse si Kilometer wäit lafen, fir hir Wueren op engem Maart verkafen ze kënnen. Et ass awer och ze erkennen ewéi de gudde fruchtbare Buedem Affer vun der Erosioun gëtt: kilometerlaang giel Sandzonge münden an d'Mier.

**FROU**, ech sinn trotzdem frou do ze sinn. Op der Trap vum Fliger dann endlech d'Bestätegung: déi schwéier Loft, an dee bestëmmte Geroch ; ech sinn ukomm!
Dobausse gi mer vum Barthol, dem Boyer, dem Lionel an dem Jhonny, an enger gudder Fläsch «Prestige» empfaang. Si hunn eis eng Jeep mat Chauffer organiséiert. Hie bréngt eis sécher a schnell op d'Rivière Froide, dee Quartier, wou «Action Avenir Haiti» seng Projeten huet.

## RIVIERE FROIDE

Mir hu geplangt dräi Nuechten an dësem Quartier ze verbréngen, campéieren dowéinst am Felix sengem Réibau, deen och als Schoul ausgebaut ginn ass.
Ech kommen eran, a sinn erschreckt ewéi si an dësem Provisorium 170 Kanner ënnerkréien. Uewenop hunn se provisoresch Mauere gezunn, déi di eenzel Raim vun ongeféier 3 op 5 Meter vuneneen oftrennen. Dëst awer nëmmen op 1,50m Héicht, de Rescht ass op. Alles gëtt vu groussen décke Plastik Baaschen, ewéi bei engem Zirkuszelt, ofgedeckt. D'Kichen ass ee schmuele Schloff tëscht den Haiser, wou op zwee klengen Holzfeier gekacht gëtt. Am éischte Moment net ze gleewen.
Op der Plaz begréisst eis natierlech och de Félix, den Direkter vun der Schoul. Hie stellt eis de Renault (jo, genee wei den Auto) vir. Dat ass déi gutt Séil vum Gebai, all Dag do fir opzepassen, d'Zetär a Fässer mat Waasser ze fëllen, Holz ze bréngen, Dëscher ofzeraumen, ze kieren, ze spullen …
Dee Raum am Keller, wou mir ënnerbruecht sinn, ass extra fir eis beworf ginn, a läit direkt niewent dem Buedzëmmer, wou mir de Luxus vun enger normaler Toilette genéisse kënnen.
Bis en Dënschdeg ass keng Schoul, a mir kënnen eis dofir hei installéieren.
Ech hunn d'Gefill, dass et eng intensiv Woch sollt ginn.

Iwwerall wou mer hi waren, goufe mer fréndlech empfaang. An der Strooss, ënnerwee a bei eis Frënn doheem hu mer op Schratt an Tratt bekannt Gesiichter erëmgesinn. Et ass sielen, dass een an sou kuerzer Zäit mat soll vill Andréck konfrontéiert gëtt. Op Haiti kënnt et mer vir, wéi wann ech an enger Stonn oft méi erliewen ewéi hei an engem Dag. Op all Eck gëtt et eppes ze maachen. Iwwerall begéingt ee Méiglechkeeten, wou een hëllefe kéint. Matt Wéineg kéint ee Villes erreechen, an awer stellt sech d'Fro op dat Sënn mécht an enger Stad, wou et keen Entretien vun den Infrastrukture gëtt, wou iwwerall ouni Plang Haisercher gebaut ginn, wou déi ganz Géigend engem Chantier gläicht, an iwwerall Mënschen



**Paradis?**



**De Renault**



**Klassesall, 3x5m**



**Kichen**



De Luckner wärend senger Ausbildung



Een diplom als geléierte Schräiner



Dem Luckner seng éischt Wierker



ënnerwee sinn, déi all iergendwéi beschäftegt sinn, an awer näischt sou richteg maachen.

Do sollt ech dann awer eppes Besseres geléiert ginn. Ee vun deene ville Leit, déi eis iwwert de Wee gelaf sinn, war de Luckner. Hien ass mat senger Schräinerléier fäerdeg, an huet eis gewisen, wat hie schonns alles hirgestallt huet. Mir gi bei Leit heem, wou ee Schaf steet, bei aneren ee Bettgestell, erëm anzwousch anescht eng viischt Dir, alles dem Luckner säi Wierk.
Impressionant, wann ee gesäit, wou a mat wat fir Mëttel dës Miwwelen hirgestallt goufen : An engem Hannerhaff steet een aus Brieder zesummegesatene Bock, deen als Huwwelbänk déngt. De Luckner huet dat neideschst Geschir, fir vun Hand ze schaffen, fir all aner Aarbechten, ginn am Bekanntekrees Maschinne geléint. Op den éischte Bléck ass et fir eis europäesch Aen net ze entdecken, awer den Haitianer ass débrouillard a fäheg an deem ganze Chaos Beachtleches ze leeschten.

Eis Deeg op der Rivière Froide fänke fréi un. Um halwer sechs léisst dem Noper säin Hunn mech net méi schlofen. Ab siwen Auer hu mer schonns déi éischt Rendezvouse geplangt. Eng Versammlung no der anerer. Vill Leit presentéieren eis hir Projeten. Vill leeën hir Hoffnung an de Besuch vun zwee Wäissen, déi awer och nëmme mat beschränkte Méiglechkeete komm sinn. Dat kënnen awer déi mannste verstoen.
Mir Profitéieren natierlech och fir mat eise Frënn iwwert d'Keessebuch vun de Mikrokrediter ze diskutéieren, mam Félix eng kloer Regelung fir d'Locatioun vun sengem Réibau ofzemaachen, an ee Plang auszeschaffe wat mer am Dossier «Schoulgebai kafen» alles nach erleedege mussen.



Dem Luckner an dem Raymond hiren Atelier.

## D'Schoul "Le Reformiste"

Mëttwochs mueres: et sollt ee vun deene schéinsten Deeg vun eiser Rees ginn. De Renault fänkt un iwwerall Stillercher ze stellen, d'Schoul fëllt sech lues a lues mat Kanner. D'Léierpersonal kënnt, d'Käche fänken un ze preparéieren. De Jemp an ech si beim Lionel fir de Kaffi invitéiert, a verloossen deen äusserst aktive Seechomeskoup. Mir besiche virdrun nach dem Méran, engem Skulpteur, säi Réibau. Deem säi Brudder studéiert «génie civile» an hie weist eis seng technesch Zeechnungen. Um Wee spadséiere mer laanscht «tailleurs de pierres», déi aus Wake Kiselsteng klappen.



Mir maachen ee Rendezvous fir mëttes mat Leit vun der Gemengeverwaltung an eisen ale Frënd de Frère Paul bitt sech un, eis an engem Projet weiderzehëllefen. Haiti ass ganz anescht, et mengt een no dräi Stonnen, schonns ee ganzen Dag hannert sech ze hunn.

Géingt zéng Auer si mer nees zeréck a besichen déi eenzel Klassen. Et ass genial, ze gesinn ewéi do, trotz deenen onméigleche Verhältnisser, Schoul gehale gëtt. Ech fille mech bestätegt an eiser Aarbecht. Si ass hei méi ewéi sënnvoll. D'Kanner si mat Begeeschterung bei der Saach, ech setze mech an d'Reien a kucken, a froen, wat si léieren. Ech si fir d'éischte Kéier richteg frou, an ech versti wat fir ee grousst Stéck eist Engagement, wat sécherlech nëmmen eng kleng Dréps op engem waarme Steen ass, deen eenzelne Mënsch weiderbréngt.

Ech ertappe mech ëmmer rëm dobäi d'Situatioun mat Lëtzebuerg ze vergläichen, wat maachen, wann dat meng Kanner wären? Wien décidéiert op wat fir enger Säit vun der Welt ee gebuer gëtt? Villes wat bei eis eng Selbstverständlechkeet ass, ass op Haiti ee Privileg.

No de Coursen déi bis zwou Auer daueren, treffe mer eis mam Schoulpersonal. Mir hunn een neien «Directeur pédagogique» engagéiert. De Pascal ass nach Direkter vun enger anerer Schoul, mä hëlleft a begleet eist Personal an hirer Aarbecht. Hien erweist sech als ee praktesch veranlagten, ganz positive Mënsch mat moderne pedagogesche Wäertvirstellungen. De Pascal lueft den Asaz vun eise Responsabel op der Plaz. Ech denken, dass hien eng Beräicherung fir eis Schoul wäert sinn. Fir de Rescht diskutéiere mer iwwert eng eventuell Kranken- a Pensiounsversécherung. D'Personal schéngt mer zefridden, a si hu sech iwwert eise Cadeau gefreet. Si konnte sech mengen ech net virstellen, dass soss anzwousch ee sech fir si interesséiert an un se denkt.











## Port-Au-Prince

Eis Zäit an der Schoul ass eriwwer, a mir maachen eis mat engem TapTap Richtung Haaptstad.
No enger erliewnisräicher Faart duerch de Wirrwarr vun der Banlieue si mer eng Stonn méi spéit an eisem Hotel der «Auberge du Quebec» ukomm. Et ass eng Oase an engem Quartier wou et keng Regele gëtt. Ronderëm eng héich Mauer mat Glasschierbelen, ee bewaffnete Gardien bewaacht een Haaptgebai mat Terrass, am Haff eng Piscine, an op zwee Stäck gebauten klimatiséiert 3- Bett Zëmmer. No enger kuerzer Rascht si mer um Wee an den Zentrum. Eng flott Faart an eisem oppenen TapTap, esou erlieft ee Port-au-Prince live, Stëpps, Waasser, Reklammen, Baustellen, faarweg gemoolten Haiser, vollbeluede Bussen, Schrottautoen, iwwerall Mënschen, Martstänn, Dreckskéip… Den Dreck an de Stroosse vu Port-au-Prince ass schwéier a Wieder ze faassen. Mir maachen eis selwer mobil, a loune bei Avis, ee klengen Daihatsu Terios.



## Moun Blanc

Um Programm steet ee Rendezvous mam Affekot, dee sech ëm de Verkaf vum Haus bekëmmert. Bis elo huet hien eise Frënn géigeniwwer ëmmer nees néi Geschichten erzielt firwat de Kaf nach net konnt ofgeschloss ginn. Mä et war zu eiser aller Erstaunen, wéi hie bei dësem Treffen op eemol guer kee Problem méi gesinn huet. Ech war frou, dass et elo endlech sollt virugoen, an awer rosen an enttäuscht, dass leng d'Präsenz vu Wäissen duergeet, fir dat néidegt Vertrauen tëschent Schwaarzen ze schafen. Eng Erkenntnis, déi mer op dëser Rees nach méi dacks opgefall ass. Wäisser a senger Gesell-schaft ze hunn, ass op Haiti eng Garantie fir finanzielle Réckhalt.
De Kaf vun eisem Schoulgebai gëtt da lo endlech méiglech. Den Affekot weist eis all Ënnerlage vum Haus, een ganzen Dossier, dee beweist, dass de momentane Propriétaire wierklech dee richtegen ass. Mir musse lo nach ee vetrauenswürdege Notaire fannen, an da kann den Acte ënnerschriwwe ginn. Fir dëse memorabelen Moment ze feieren, fuere mer an den Hotel Ollofsen, ee wäiss ugestrachent Holzgebai am Kolonialstil. Em 1900 gebaut, traditounsräich, a gläichzäiteg d'Héichbuerg vum Voodookult. An dëser schéiner Kuliss a bei engem excellente Rhumpunch loosse mer de Mётteg ausklèngen.



## Haiti by night

Owes féieren ech de Barhol, de Félix an den Johnny op d'Rivière Froide. Et reent ewéi mat Eemeren. Et ass een extra Erliefnis, et kann ee sech et net virstellen, wéi et an enger Stad ouni Kanalisatioun ausgesäit, wann et vill reent. Baache lafen iwwert all Stroossen, déi meescht Weeër déi mer fueren, sinn awer onbefestegt an sti komplett ënner Waasser. Plastik, Tuten, Dreck, Offall, alles kënnt geschwomm. Plazeweis huet een d'Gefill bei enger Ofroad-Ralley iwwert een Dreckstipp matzemaachen. Et ass zéng Auer nuets, an do wou mëttes Maartstänn waren, do wou honnerte vu Leit sech an der Strooss gedréckt hunn, ass elo alles eidel an et gesäit zimlech onheemlech aus. Ech si frou de Boyer dobäizehunn, dee gesäit ni e Problem, an ass an all Situatioun Här a Meeschter. Haut hat hie sech als Zil gesat, ze testen ob ech de Wee nees leng heem fanne géif.

## Shopping Dag

De Barthol, de Jemp, an ech fuere mueres no enger «Spaghetti Créole» fir eise Shop akafen. Déi meeschte Saache fënnt een am «Comité Artisanal Haïtien», wou et ganz gemittlech zougeet, wou et fest Präisser, an eng grouss Auswiel u Metall an Holzgéigestänn huet.
Alles wat aus Steen ass, kafe mer direkt beim Kënschtler. Biller kafen ass vill méi spannend: ronderëm d'Post si laanscht d'Strooss vill Stänn déi hir Konschtwierker ubidden. Mir bleiwen am Auto sëtzen, d'Händler komme bei d'Fënster, a wëllen natierlech all, dass mer eppes bei hinne kafen. Et ass onbeschreiflech. D'Armaturebriet vun eisem Daihatsu läit no zéng Minutte voller Biller, ronderëm eng Drauf vu Verkeefer déi ëmmer nees aner besser a méi schéi Biller bréngen. Ech vir män Deel hunn den Iwwerbléck verluer,de Jemp huet

d'Situatioun total ënner Kontroll a gëtt ëmmer besser am Verhandelen. No enger Stonn hu mer alles wat mer brauchen a flüchten an d'Auberge.
Owes hu mer nach eng Réunioun mam Tony (eisem Apiculteur), an dem Frère Léandre (dem Chef vun de Petits Frères de St. Thérese) déi vir eis Ruche baue sollten. Et goufe Problemer bei der Fabrikatioun, an no komplizéierte Verhandlunge schéngt de Problem elo aus der Welt geschaf (affaire à suivre).

## Eise leschten Dag

D'ganz Équipe mécht een Ausfluch. Zu siwe setze mer an engem Auto mat fënnef Plazen. Ee flotten Dag an d'Hannerland vu Port au Prince. Mir besichen de Fort Jaques, eng Festung, déi wei eise Guide erkläert huet, awer eigentlech ni gebraucht gouf. Si läit awer wonnerschéin an engem Kieferbësch op engem Hiwwel hannert der Stad. Weider geet et biergop: de «Mont Selle» ass eist Zil. Et gëtt ëmmer méi frësch an awer och méi gréng. Hei gëtt Villes ugebaut, déi ganz Géigend gläicht engem grousse Gaart. Et vergësst een dee ganzen Dreck vu Port-au-Prince. Matt e bësselche gudde Wëlle muss et dach méiglech sinn, d'Ressource vun dësem Land anstänneg ze notzen ?
Ënnerwee begéine mer och de Villae vun deene Räichen, déi virum Trubel an der Haaptstad geflücht sinn, a sech hei super Haiser gebaut hunn. D'Ongerechtegkeet läit néierens méi no beieneen ewéi hei.

Voilà, zéng Deeg sinn eriwwer, zéng Deeg voller Erliefnisser, déi, wann een se wëll an engem Artikel ëmschreiwen, ze intensiv waren: Mënschen, déi ee kennegeléiert huet, Situatiounen, Gespréicher, Landschaften, Décisiounen, Iwwerleeungen an enger anerer Welt. Hei gëtt matt aner Moosse gerechent. Fir ze verstoe wéi d'Liewen op Haiti funktionéiert, fir ze wëssen ewéi si iwwerleeën, muss een eng Zäit do liewen. Villes wat mir hei zu Lëtzebuerg décidéieren, gesäit do ganz anescht aus. 1997 war ech fir d'éischt op Haiti, dëst war meng fënneft Rees, säit zwielef Joer probéieren ech déi verschiddenste Projeten ze realiséieren, an ëmmer erëm ass et fir mech onverständlech ewéi dës Mënschen iwwerliewen, hire Mutt net verléieren, an dacks nach ee Laachen am Gesiicht hunn, wa mir eis schon laang opginn hätten.

Rob Theisen





De Fort Jacques matten am Bësch



E Rescht Festungsmauer



Port-au-Prince



Um Billermaart

# 2008, WAT WAR LASS AN HAITI ?



Dreckskichelcher



Hongerrevolten







Iwwerschwemmungen



Schoulgebai zu Pétionville

Dat vergaangent Joer war nees e schwéiert Joer fir Haiti. Am Februar war ech op der Plaz, a konnt feststellen datt déi allgemeng LIEWENSKÄSCHTEN drastesch an d'Luucht gaange sinn. Verschidde Liewensmëttel waren DUEBEL SOU DEIER wéi dat Joer virdrun. Sou ass Haiti zum Beispill an der Zäit mat bëllegem amerikaneschem Räis iwwerschwemmt ginn. Hir eege Räisproduktioun ass zesummegebrach. A leschter Zäit awer ass den amerikanesche Räis lues a lues nees méi deier ginn. Déi héichgeluefte Globaliséierung mat hirer ultrafräier Maartwiertschaft hëlt keng Récksiicht op Aarmut a Misär. Absolut pervers gëtt et dann, wann och nach Liewensmëttel op der Bourse gehandelt ginn. Mat schéinen Depliante ginn an der westlecher Finanzwelt d'Leit ageluede fir Aktien op Weez a Räis ze kafen, do wären d'Gewënnchance grouss. Datt awer d'Grondliewensmëttel sou deier ginn datt an deenen aarme Länner wéi Haiti déi wéinegst Leit sech nach anstänneg ernähre kënnen, dat interesséiert déi gestresste Finanzgangster net. Sou hunn d'DRECKSKICHELCHER, déi mat Lehm, Fett a Salz preparéiert ginn, Héichkonjunktur an Haiti. SOU EE KICHELCHE KASCHT 10X MANNER WÉI E GRAPP RÄIS. Wéi gesond en ass, brauch guer net hei erkläert ze ginn.

Dës Situatioun huet mat sech bruecht, datt Haiti Ufank Abrëll mat den "HONGERREVOLTEN" nees an de Zeitunge stoung. D'Leit sinn op d'Strooss gaang fir géint déi ontragbar Präishausse ze demonstréieren. Et huet am Süden zu "Les Cayes" ugefaang, an et huet sech schnell iwwert d'ganz Land verbreet. Schlussendlech ass d'Regierung, deelweis zu Onrecht, dofir verantwortlech gemaach ginn, an huet missen démissionéieren. Et kann een de Leit hir Roserei verstoen, mä ausser futtis Fënsteren an Autoen, an e puer Doudeger, hunn déi Aktiounen net vill bruecht.

No en etleche Versich vum President René Péval, huet et dunn nees bis August gedauert bis Haiti endlech rëm eng nei Premierministerin hat, d'Mme Michelle Pierre Louis.

Déi NEI REGIERUNG war knapps nominéiert, dunn ass de Misär nees weidergaang.

Enn August/Ufank September sinn noeneen 4 Stierm iwwer Haïti ewechgezunn, d'HURRICANES Faye, Gustav, Hanna an Ike. Si hu schwéier Verwüstungen, Iwwerschwemmungen an ongeféier 800 bis 1000 Doudeger hannerlooss. D'Schoulen am ganze Land sinn ee Mount méi spéit, Ufank Oktober, eréischt nees opgaangen.

Ufank November, mir waren och an Haiti, ass e weidert gréissert Ongléck geschitt. Zu Piétonville ass e grousst SCHOULGEBAI fir iwwer 700 Kanner ZESUMMEGEFALL, 93 Doudeger. Vill Gebaier sinn an engem schlechten Zoustand. Et si keng Suen do, an och keng funktionéierend staatlech Kontroll, also gëtt "Egalwat" zesummegebaut.

D'Infrastrukturen, wéi de Stroossenzoustand, d'Waasserleitungen, d'Kanalnetz, d'elektresch Leitungen, sinn an Haiti am allgemengen an engem desolaten Zoustand, an et ass verwonnerlech, datt net nach méi geschitt.

2008, rëm e Joer mat en etlech Negativ-Schlagzeilen, mä trotzdem geet et weider. Mir hoffen alleguer dat et endlech fir Haiti nees biergop geet, mä d'Noriichten aus der Wirtschaftswelt loossen näischt Guddes heeschen.

Jemp Beck

HAITI, EE LAND WOU D'IWWERLIEWEN E WONNER BLEIFT?

# SCHOUL "LE REFOMISTE", VUN 2005 BIS 2008



August 2005:
Gebai Ecole "Le Reformiste"



August 2005:
Fabrikatioun vu Schoulbänken



September 2005:
Rentrée



August 2006:
neie provisoreschen Ubau



August 2006:
Neien Ustrach



Abräll 2006:
Klassesall



Februar 2007:
provisoreschen Ubau



Februar 2007:
wäiss ugestrache Klassesäll



Februar 2007:
Kichen vun eiser Schoulkantin



Februar 2008:
Spillschoul beim Félix doheem am Keller



Februar 2008:
ee bëssi enk, mä mat guddem Wellen geet alles



Februar 2008:
1.-5.Schlj an engem gelountene private Réibau







November 2008:
lo sinn se all beim Félix doheem

November 2008:
d'Kichen, ee klenge Schloff tëscht 2 Haiser

November 2008:
eng gudd Spaghetti Créole

# D'Schoul "le Reformiste" am Moment...


















# Projet MARPAH

MARPAH ass ee Grupp vu verschiddenen Artisten, Skulpteuren, Boss-Métal a Moler vun der Rivière Froide, déi sech zesumme gedoen hunn, fir di haitianesch Konscht erëm opzewäerten. (Mouvement des Artistes Réunis pour la Promotion de l'Art Haïtien).

Et ass näämlech esou, dass d'Rivière Froide eng Géigend ass, wou vill Artiste liewen. De Problem ass awer deen, dass 90% vun deenen Artiste mat hirer Konscht eng ganz Famill mussen ënnerhalen. Mä, obwuel die meescht hiert Handwierk gutt kënnen, ass et hinnen net méiglech et auszeüben, well di finanziell Mëttel fir Geräter a Rohmaterial ze kafen, feelen. Duerch di politesch onstabel Situatioun gëtt et zu Port-au-Prince praktesch keng Touriste méi, deene si hir Konschtwierker kéinte verkafen. Zu Jacmel an um Cap Haitien gëtt et der zwar wuel nach e puer, déi sech fir hir Produite géifen interesséieren, mä och de Wee bis dohinner kënne si sech mol net leeschten. Sou befanne si sech an engem Däiwelskrees, aus deem et schwéier ass erauszekommen. Dofir huet AAH décidéiert, MARPAH ee Projet ze finanzéieren. Dëse Grupp vun Artiste ka sech lo mol Aarbechtsgeschir a Rohmaterial kafen, säin Handwierk ausüben, an da probéieren seng Konscht ze verkafen. Vun deem wat di eenzel Kënschtler op hirem Verkaf verdéngen, gi si rëm een Deel u MARPAH zeréck fir futtisst Geschir ze ersetzen, respektiv neit Rohmaterial ze kafen. MARPAH bitt awer och Formatiounen un, wat den Ëmgang mam Geld ugeet, sou dass si rëm kënne léieren ze spueren an esou op laang Siicht hir Famill ze ernähren.

Eng éischt Tranche vun 800€ gouf lo am Januar 2009 bezuelt, an di zweet kréie si no schrëftlechem Rapport iwwert dat wat se bis elo produzéiert, verkaf an erreecht hunn.











# PROJET POUBELLES

An Haiti feelt et op allen Ecken un Infrastrukturen, déi hei bei eis a Westeuropa zu enger Selbstverständlechkeet gi sinn: een uerdentlecht Stroossennetz, eng konsequent Verkéiersregelung, Wasserversuergung fir jiddereen, ee Strom- an Telefonsreseau, Offallentsuergung asw.
Den haitianesche Stat ass an deene Beräicher quasi inexistent, an d'Gemengen hunn och net di néideg Mëttel fir do eppes Konkretes ze bewierken.
All Offall flitt an Haiti einfach op d'Strooss, gëtt vum nächste Reen mat ewechgespullt, a lant esou op Kräizungen, am Floss, op Kéip matten an der Strooss… Déi extrem waarm Temperature bewierken, dass dat Ganzt regelrecht um Buedem ubaakt, an esou entstinn, nach méi Knubbelen an de Stroosse wéi et scho Lächer gëtt. Ausserdeem vergëften di Offäll och hiert Drénkwaasser, wat si aus deemselwechte Floss huelen, an deen den Dreck gespullt gëtt.
Dofir hunn d'Awunner vun der Rivière Froide décidéiert Dreckskëschten, a Form vun eidelen Uelegfässer ouni Deckel, an hire Stroossen opzestellen, fir d'Leit ze motivéieren hiren Offall net einfach op d'Strooss ze geheien. Dee Problem léist sech sécher net vun haut op muer, an ass och méi wéi sécher just eng kleng Dräps op ee waarme Steen, mä et huet eis awer extrem wichteg geschéngt an dësem Beräich eng Hand mat unzepaken.



D'Alice Smeets, eng belsch Fotografin, huet mat dëser Foto vun der "Cité Soleil" deen 1.Präis am Fotoconcours vun der UNICEF gewonnen.

# RECETTES 2008




Cotisations: 2%
Activités: 6%
Boutique: 9%
Parrainage: 13%
Dons: 70%

Am Joer 2008 sinn iwwer 52'000 € erakomm.







AAH Lëtzebuerg an AAH Rivière Froide soen nach eemol villmools Merci fir déi generéis Donen!

Déi Sue komme praktesch zu 100% de Leit an Haiti ze gudd. Mir sinn eng kleng Associatioun an hu bal keng Adminstratiounskäschten, well Fligerticket an Openthalts-käschte bezilt jidderee selwer.

Action Avenir Haïti